den Bannowend mam Eddy Zauner

Am Kader vun den Bannowender vum Flyfishing Club aus Lëtzebuerg hat den Méckenjang (Jang Quintus) den beschtbekannten Méckenbënner, Eddy Zauner, aus dem Elsass bei ons invitéiert. Dës Geleenheet hat sech am Virfeld vun der Ausstellung fir Méckenfëscher zu Charleroi ergin ewou den Eddy Zauner all Joërs ob een Neist séng Kënschten als Méckenbënner zum beschten gët. Den Eddy Zauner gët folgendermoossen beschriwwen:

Als begeisterter und leidenschaftlicher Fliegenfischer und - Binder seit ca. 40 Jahren, kümmert sich Eddy heute um einen Fliegenfischer Club im Elsass und gibt sein Wissen und seine Erfahrung an die neue Generation weiter.

Er ist ebenfalls seit Jahrzehnten in der Verbesserung der Wasserqualität und dessen Bewirtschaftung aktiv betätigt, und hat somit vor 10 Jahren eine der Ersten Fliegenfischer-Strecken im seiner Region gegründet. Heute kümmert er sich immer noch persönlich darum und ist jeden Tag an "seinem" Gewässer anzutreffen.

In 2002 nach langen Überlegungen, hat er mit seinem Bruder, ein begeisterter Lachsangler, das Dubspeed System erfunden. Das Dubspeed kann für jedes Dubbing, für Rehhaar, CDC und andere Materialien verwendet werden und vereinfacht und beschleunigt den Bindevorgang ganz erheblich. Sie werden staunen, wie schnell und einfach Eddy ganz unterschiedliche Fliegen vor Ihren Augen bindet. Seine Vorführung hat schon viele Fliegenfischer auf der ganzen Welt begeistert.

Mir haten eis zu Rolléng op den Fëschweiheren zu énger 35 Méckenbënner getraff fir vun dëser Geleenheet gebrauch ze maachen an mir sin dobäi voll op eis Käschten komm. Den Eddy Zauner huet sech als ganz bescheidenen Kärel bei ons präsentéiert an ass bereetwëlleg op eis Wënsch angaangen. Séng Demonstratioun, vun deem vun Him erfonten Dubspeed System fir Dubbingsträng hirzestellen, wor esou gekonnt dass een schon bal geméngt hat jidvereen misst dat fäerdeg bréngen, mée am Laaf vum Owend huet et sech awer gewisen dass den Eddy Zauner een richtegen Kënschtler ass an deementspriechend och séng fangerfäerdegkeet zum Ausdrock bruecht huet.

Ungefaangen huet den Bannowend mat ee puer Begréissungswierder vum Méckenjang, Dësen huet den Eddy Zauner wëllkomm geheescht an ass an ee puer Wierder op séng Spezialitéit, d'Hirstellen vun Réihhoërdubbing mëttels énger Féierungsschin aus Metall, angaangen. d'Virféierung huet mat ee puer manner opwendegen Musteren ungefaangen fir ofschléissend mam Eddy Zauner sénger Maus aus Réihhoër hiren Héichpunkt ze fannen. Heibäi huet Hien déi

Unwiesend esou an säin Bann gezun dass et ganz rouëg am Sal gin wor, Schrëtt fir Schrëtt huet Hien eis déi eenzel Musteren eméi noh bruecht wat ofschléissend dann och ëmmer mat dem verdingtenen Applaus gewirdegt gin ass.



Mat vun der Parti woren och erëm eis Frënn aus dem nohen Saarland vum Stammtisch Saarwellingen, och Sie hun vun der Geleenheet gebrauch gemeet an hun zesummen mat den Memberen vum Flyfishing Club een interessanten Owend verbruecht. Den Eddy Zauner hat fir dësen Bannowend och säin Assortiment vun Mécken matbruecht an esou konnten déi Unwiesend dodernieft dann och nach hir Méckenkëschten mat deenen verschidensten Musteren opfëllen. Un den klengen Honger teschenduurch wor och geduecht andeems Bréidercher fir déi hongreg Fëscher prett lungen an natirlech huet och keen missen Duuscht leiden. Jee et wor alt nees éng Beräicherung vun den Aktivitéiten déi eis den Wanter iwwer begleeden an mir woren eis ofschléissend och eens dass een rouëg eméi oft Owender mat Inviteën organiséieren kann, zeemols wann et sech ëm esou symphatesch Zäitgenossen, ewei den Eddy Zauner een wor, handelt.